

# De Panewippchen

N°110 1/2015

## De Wollef

Wëllefchen a Fiisschen

Plommesammler

Seef

Krukert

Biber




Foto: Shutterstock



Dës Nummer gouf an  
Zesummenaarbecht mat der  
Natur- a Bëschverwaltung gemaach

[www.panda-club.lu](http://www.panda-club.lu)



# News

## Opléisung

Quiz PW4/2014



De Schädel, dee mir am Panewippchen 4/2014 gewisen hunn, ass dee vun engem Groreeër.

Ënnert de richtegen Äntwerten hu mir zwee Gewënner gezunn:  
d'Lena Pelletier an de Ben Poull.



## Séililien

Beim Spadséieren huet d'Nelly Erang an der Géigend vu Noumern extra Fossilie fonnt.



6,5 mm

Hatt huet eis Fotoen an eng Beschriewung geschéckt.

Sou wéi hatt sech et scho geduecht hat, sinn déi schéi stäreförmeg Fossilien Séililien aus der Gattung Pentacrinus, déi am Lëtzebuenger Sandsteen virkommen. Séililie si Famill mat de Séistären.



Fotoen: Nelly Erang

## Den éischte Plesiosaurus vu Lëtzebuerg

Zënter den 90er Joere louch dëst spektakuläert Fossil an engem Keller. Et war bei Ausgruewungen an der Suessemmer Gemeng fonnt ginn a gouf elo vum Guy Konz den Experte vum 'natur musée' iwwerginn.



Et ass den éischte Plesiosaurus, deen zu Lëtzebuerg fonnt gouf a kënnt aus dem Jura (virun 185 Milliounen Joer).



Fotoen: Oliver Kunze

Dëst seelent Exemplar gouf vum Oliver Kunze vu Stuttgart preparéiert an ass vun 2016 un an der neier permanenter Ausstellung vum 'natur musée' ze bewonneren.

sou kéint en ausgesinn hunn, Zeechnung: Dmitry Bogdanov



# Fuussejuegd

Vum Abrëll 2015 un däerf de Fuuss zu Lëtzebuerg net méi geschoss ginn (no engem Joer gétt da gekuckt, ob hie weider geschützt bleift), well et kee Grond gétt, fir op Fuussejuegd ze goen: kuck <http://www.panda-club.lu/2012/09/panewippchen-022012>.

Och wann de Fuuss elo geschützt ass, gétt d'Gefor, fir de Fuussebandwurm ze kréien awer net méi grouss. Wichteg ass et, d'Hänn ze wäschen, wann s du dobausse gespillt hues. Kuck <http://www.panda-club.lu/2013/07/panewippchen-22013>.

Dat eenzegt Déier, dat an Zukunft dorënner leide wäert, dierft de Wäschbier sinn, deen zu Lëtzebuerg besonnesch am Éislek leeft. 2013 sinn zu Lëtzebuerg 700 Wäschbiere geschoss ginn. De Wäschbier frësst wéi de Fuuss, alles, wat him virun d'Schnëss kënnt. Kuck <http://www.panda-club.lu/2009/06/panewippchen-022009>.

Et ass awer bis elo net bewise ginn, datt de Wäschbier eng Gefor fir aner Déiere wier an dofir sollt och dëst sympathesch Déier geschützt ginn.



Foto: Georges Kugener

Den 'natur musée' ass lo och op facebook!  
[www.facebook.com/MNHNL](http://www.facebook.com/MNHNL)



# PW 1/2015

## Wat ass dran?

### SÄIT 1

DE PANEWIPPCHEN 1/2015

Thema: De Wollef



clie

### SÄIT 2

NEWS  
Neiegkeeten aus dem 'natur musée' an der Natur zu Lëtzebuerg

### SÄIT 4

PLOMMESAMMLER.

Schwanzmeese bauen hiert Nascht



### SÄIT 6

DE WOLLEF

Comeback vum Wollef?

De Wëllefchen an de Fiischen

Vum Wollef bis zum Quinn

### SÄIT 18

SEEFENATELIER

Wat fir eng Seefe gétt et?

D'Geschicht vun der Seef

An der Seefefabrik

### SÄIT 21

Seefebäll selwer man

### SÄIT 22

DE KRUKERT

### SÄIT 25

Sombomme selwer man

### SÄIT 26

DE BIBER

Spuren zu Lëtzebuerg

### SÄIT 29

Spruddelegt Gedrénks mat

Hielänner selwer man

### SÄIT 30

Eng Schleider schnëtzen

### SÄIT 32

Impressum

'natur musée'

### SÄIT 32

'natur musée'

### SÄIT 32

'natur musée'

'natur musée'

'natur musée'

'natur musée'

'natur musée'

'natur musée'

'natur musée'

'natur musée'

# PLOMMESAMMLER



WAT MENGS DU?  
WIER DAT HEI KENG  
GUTT PLAZ FIR EEN  
NASCHT ZE BAUEN?

OP JIDDER FALL,  
AN DO FIR GI MIR  
ELO MASSEG MOOS  
SICHEN.



DËI EENZEL MOOSBLIEDER GI  
MAT FIEDEM AUS KOKONEN (1) VU  
SPANNEN ZESUMMEGESTRECKT.



ELO BRAUCHE MIR  
NACH FLECHTEN (2)  
FIR ONST NASCHT  
ZE TARNEN.



(1) AN ENGEM KOKON SINN D'EEËR VUN DE SPANNEN DRAN.  
(2) FLECHTE SI CHAMPIGNONEN, DËI MAT ALGEN ZESUMMELIEWEN  
AN OP BEEM, FIELSEN AN OCH UM BUEDEM WUESSEN.

SCHWANZMEESE SETZE SECH SECH AN  
D'NASCHT AN DREIE SECH DORAN,  
FIR DATT NASCHT D'FORM VUN  
ENGER KUGEL KRITT.

AN ELO BRAUCHE  
MIR NACH JUST  
1500 PLOMMEN, FIR  
D'NASCHT VU BANNEN  
ZE POLSTEREN.

DAT ASS KEE PROBLEM,  
WELL DO HANNEN ASS EN  
INTENNASCHT, WOU MASSEG  
PLOMMEN DRA SINN A WOU  
KENG INT DROP SETZT.



ELO SI GENUCH PLOMMEN AM  
NASCHT AN ECH KANN ENDFLECH  
EEËR LEEËN.



A 14 DEEG GEET DANN  
D'AARBECHT ERËM LASS, WELL  
DA MUSSE MIR INSEKTEN A  
SPANNE FÄNKE FIR ONS KANNER  
ZE FIDDEREN.




Foto: Marek Szczepanek

SCHWANZMEES  
ALIAS SCHWANZMEISE  
ALIAS MÉSANGE À LONGUE QUEUE  
ALIAS LONG-TAILED TIT  
ALIAS AEGITHALOS CAUDATUS

LIEWEN A BËSCHER MAT VILLE  
STRAICHER, GROUSSEN HECKEN AN  
OCH PARKEN  
BRAUCHEN 3-4 WOCHEN AM GANZE  
FIR D'NASCHT ZE BAUEN, AN DEEM  
ONGEFËIER 3000 STËCKER VU  
FLECHTEN, FIEDEM AUS 600 SPANNEN-  
KOKONEN AN 1500-2000 PLOMME  
VERSCHAFFT GINN.  
DACKS HËLLEFEN ANER  
SCHWANZMEESSEN DËI JONK VULLEN ZE  
FIDDEREN  
BLEIFT AM WANTER NORMALERWEIS  
BEI ONS.



# Comeback vum Wollef?

De Wollef steet virun eiser Dir! An de leschte Joere sinn eenzel Wëllef an der Belge an a Lothringen gesi ginn.



**B**ei ons ass de leschte Wollef de 24. Abrëll 1893 bei Ouljen vum Här Wolff erschoss ginn.

Mä glécklecherweis hunn awer nach Wëllef an anere Länner iwwerlief (Italien, Spuenien, Osteuropa). Well de Wollef schonns zënter méi wéi 30 Joer an Europa geschützt ass, konnt hie sech erëm ausbreeden: esou ass hien nees aus Polen an Ostdäitschland an aus Italien a Frankräich agewandert. A souguer an onse Géigende konnten an de leschte Joeren eenzel Wëllef gesi ginn: an der Belsch an a Lothringen, déi 2 Plazen si knapp 100 Kilometer vu Lëtzebuerg ewech. Et ass also domat ze rechnen, datt de Wollef erëm bei ons op Lëtzebuerg kënt (oder vläicht schonn hei ass).



Foto: Roland Lefébvre





Foto: Guy Lebègue

### Kann de Wollef iwwerhaapt zu Lëtzebuerg iwwerliewen?

Natierlech, well hien ass guer net kriddeleg: a grouse Bëscher, Wisen a Felder fënnt hie genuch ze friessen. De Wollef brauch nach Plazen, wou hie sech verstoppe kann.

D'Weibchen brauch eng roueg Plaz (meeschtens am Buedem, wéi en Dachsebau oder eng kleng Hiel) no beim Waasser, wou si hir Jonk kréie kann. Wëllef liewe meeschtens a Familljen zesummen an d'Kleng gi mat hiren Elteren op d'Juegd.

Wëllef hunn e ganz groust Revéier (Plaz, wou si liewen) a sinn dofir vill ënnerwee: si kënnen also ouni Problem e puer honnert Kilometer wandern. Well de Wollef awer ganz schei ass, ass et schwéier, hien ze gesinn.



**MENU**

Réi  
Hirsch  
Wëllschwäin  
Fuuss  
Dachs  
Hues  
Kanéngchen  
Raten  
Mais  
Uebst  
doudeg Déieren



Foto: Spacebirdy



Foto: Evgeni Dinev

### Wat frësst de Wollef?

Um Menu vum Wollef sti bei eis: besonnesch Réi, Hirsch a Wëllschwäin, mä och Fuuss, Dachs, Hues, Kanéngchen, Raten, Mais, Uebst an doudeg Déieren. An de Wollef geet och gär an Dreckskechte kucken, ob do näischt ass fir tëschent d'Zänn.

Well de Wollef awer och Schof frësst, si verschidde Leit net begeeschtert (besonnesch a Frankräich, wou dat geschützten Déier erëm däerf geschoss ginn). Et ginn awer Methoden, fir dat ze verhënneren (klappt leider net ëmmer): Schof kënnen vu speziellen Hënn oder leselen oder esouguer Lamae bewaacht ginn. Dës Déiere warnen d'Schof, wann e Wollef kënnt. An de Wollef léisst sech esouguer mat ville roude Fletschen um Schofsdrot ofschrecken.





Foto: Gary Kramer



Foto: Grottesdehan



Foto: Mariamassone

### Ass de Wollef eng Gefor fir de Mënsch?

Neen, de Mënsch steet net um Menu vum Wollef. Natierlech wiert e Wollef sech, wann e sech ugegraff fillt (wann een ze no bei hien oder seng Kleng kënnt). An e Wollef, deen d'Tollwut (eng Krankheet, déi vun engem Virus iwwerdro gëtt) huet, kann de Mënsch ugräifen an him d'Krankheet weiderginn.

Mä glécklecherweis ass dës Krankheet scho laang net méi an onse Géigende festgestallt ginn. An de leschte Joeren ass an Europa keen eenzege Mënsch vun engem gesonde Wollef dout gemaach ginn.

Dofir solle mir frou sinn, datt dës interessant Déier erëm an ons Géigende kënnt.



Foto: Bernhard Landgraf



Foto: Jan Nijendijk




Foto: Hatem Moushir



# De Wëllefchen an de Fiisschen

vum Edmond de la Fontaine genannt Dicks

geschriwwen ëm 1870, adaptéiert un dëi nei lëtzebuenger Schreifweis



## 1. Wéi de Wëllefchen op d'Juegd geet an de Fiisschen begëint



An enger kaler Wanternuecht-  
't war héije Schnéi gefall-  
Du gong de Wëllefchen op d'Juegd.  
E gong wuel iwwer Bierg an Dall.  
E gong; mä wuer en och ass gaangen,  
En huet keng Maus gefaangen.  
«'t geet schlecht, ech hunn haut  
Ongléck»,  
Sou duecht en alt bei sech,  
Well all Abléck an all Abléck  
Gouf hie méi hongereg.

Hoerbeidel = Trëtz



Op eemol héiert en an den Hecken,  
Datt eppes an de Blieder geet.  
Scho steet do, sech de Mond ze lecken,  
De Wëllefchen, zum Spronk bereet.  
«Gudden Owend, Komper!» rífft eng Stëmm,  
«Wou fanne mir eis haut erëm!»  
«Bass du dat, Fiisschen? Spëtzbouf do!  
Du kënns mer grad zepaass elo.  
Fiissen, Fiisschen, ech hunn näischt z'iessen,  
Fiissen, Fiisschen, ech muss dech friessen.»-  
«Dir wäerd dach net dës Donners sinn!  
'T wäerd dach nach soss ze friesse ginn!  
Verloosst iech dofir fräi op mech,  
Gläich sidd der net méi hongereg.»  
Sou riet de Fiisschen, an en duecht:  
«Waart du, mäi Wëllefchen, géff uecht;  
Du hues d'Gewalt, dach weess een net,  
Wie vun eis zwéin nach Meeschter gétt.»

Komper = Kolleg




## 2. Wéi de Fiusschen d'Ham an de Kiermeskuch frësst an de Wëllefchen d'Streech kritt.



Huefmann = Piechter vum Haff, Bauer  
ausgepiert = ausspionéiert  
Flued = platte Kuch  
op de Virzock lafen = oplauern  
o Jëss = o mei  
Moulen = Hänschen ouni Fangeren  
Stot = Haushalt  
behenn = geschéckt  
wärrsch = op alle Fall  
eluer = op d'Lauer

«Abee, ech gi wuel dueran an»,  
Sot du de Wollef, «wat ass ze man?»  
«Dohannen», seet de Fuuss, «do fiert  
Den Huefmann vun deem groussen Haff;  
Ech hat e grad gutt ausgespiert,  
Wéi ech iech ugetraff;  
E war op d'Kiermes, an e kënnt  
Vun engem räiche, gudde Frënd;  
Och ass seng Kar ganz steif gelueden  
Mat Kiermeskuch an Ham a Flueden.  
An dovü kréie mir eis Deel!  
Ech hunn e Plang, dee schléit net feel.  
Kuckt nëmmen no, a maacht wéi ech,  
Da geréit eis alles sécherlech.»  
Du leeft de Fuuss, ouni gesinn  
Dem Huefmann op de Virzock hin,  
Geet matzen an de Wee sech strecken  
A mécht, als wir et mat em aus.

De Wollef schläicht sech lues an d'Hecken  
A luusst bei engem Bam eraus.  
Den Huefmann koum geschwënn erno  
«O Jëss», seet hien, «wat ass dat do?»,  
Wéi hien de Fuuss am Schnéi gesäit,  
Deen do ewéi krépéiert läit.  
«Dee Pelz elo hält een zerot;  
't gëtt Moule fir de ganze Stot.  
Fuuss, du gees mat, ech si keen Nar.»  
An domat luet en en op d'Kar.  
Den Abléck gëtt de Fuuss sech drun,  
Frësst Ham a Flued a Kiermesskuch,  
A wéi en alles hat genuch,  
Du spréngt e vum Gefier a laacht  
An duecht: »Mä dat huet gutt geschmaacht.»  
Drop rennt en op de Wollef zou  
A seet: «Nu maach et och esou!  
Kuckt, mir hänkt d'Ham nach an den Zänn,  
Dir sidd vläicht nach méi behenn.»



«Mä wärrech jo, dat ass net schwéier»,  
 Seet drop de Wollef, «ech lafe séier.»  
 E leeft och gläich, ouni gesinn,  
 Dem Huefmann op de Virzock hin  
 A leet sech op de Wee eluer,  
 Ass wier en dout an haart erfruer.  
 Mä d'Gléck ass net fir jiddereen  
 Op dëser Welt gemaach, o neen!  
 Den Huefmann hat de Spaass entdeckt  
 Vum Fiischen. Och, wéi hie gesouch  
 De Wollef, deen am Schnéi do louch,  
 Dunn ass e weider net erschreckt  
 An denkt: «Deen do bezillt äis d'Zooss.»  
 A spréngt mam Jong vum Won op d'Strooss;  
 Deen hat seng Baatsch, hien hat e Klëppel,  
 Schlon op de Wollef drop an drun,  
 Dat hol a blo an hallef Krëppel

Hie kaum mam Liewe kouw dervun.






# Vum Wollef bis zum Hond



Wollef, Wolf, loup, wolf,  
*Canis lupus*  
 Gehéiert zur Famill vun den  
 Hënn  
 De Wollef gëtt 60-90 cm  
 héich an 100 - 150 cm laang  
 Hie weicht 35-45 kg.



100-150 cm  
 dräieckeg Dueren,  
 d'Spëtzt liicht ronn  
 donkle Fleck op der Stir  
 donkle «Réckesuedel»  
 rüchte Réck  
 laang Schnuff  
 hellt Fell ënnendrënner  
 laang héich Been  
 Schwanz mat  
 donkler Spëtzt  
 30-50 cm  
 60-90 cm

## Ass den Hond e Wollef?

Laang Zäit hunn d'Fuerscher sech driwwer gestriden, vu wem den Hond ofstaamt. Déi eng hu gemengt vum Schakal, anerer hu gemengt vun enger Kräizung tëscht Schakal a Wollef.

Duerch modern Fuerschungsmethoden (Genetik) ass haut kloer, datt all d'Hondsrassen mat hirer ganzer Formevillfalt vum Wollef ofstamen.


Et gëtt iwwer 400 Hondsrassen. Verschidderer vun hinnen, wéi den Däitsche Schéiferhond oder den Husky, gläichen dem Wollef ganz vill.

Präriewollef aus dem Pleistozän  
 (ass en Abschnitt vun der Geschicht  
 vun der Äerd, dee virun 2,5 Mio Joer  
 ugefaang huet a bis 10.000 Joer viru  
 Chr. gedauert huet)



Wëllef sinn also d'Virfare vun eisen Hënn. Si versti sech nach duerch hir eege «Sprooch» an hiert Verhalen. Et kënnst och vir, datt e Wollef an en Hond sech paren an zesumme Klenger kréien.

Sou Wollef-Hond-Baaschterten, déi ënnert Wëllef opwuessen, si genee sou virsichtig a schei wéi richtig Wëllef a kënnen selwer och rëm Klenger mat engem Wollef kréien. E Wollef-Hond-Baaschtert (Hybrid) ass ganz schwieereg als Hausdéier ze halen, seng Instinkter sinn nach méi staark, hien ass a bleift zum Deel e wëllt Déier.



Koyot



Wollef



Schakal



Hond

Den Hond an de Wollef si Famill mateneen. Den Hond behëlt sech zum Deel d'selwecht wéi de Wollef, et gëtt et awer Ënnerscheeder.

\* Dee Wollef ka just 1x am Joer Klenger kréien, den Hond 2x.

\* De Wollef billt bal net, dofir jault an hurelt hie méi.

\* De Wollef léisst sech net esou liicht dresséieren. Him kann een de Befehl "Platz" net einfach bäibréngen ...

\* De Wollef an den Hond weisen hir Stëmmung duerch d'Haltung vum Kierper, vum Schwanz, vun den Oueren an duerch de Gesichtsdruck. Beim Wollef ass déi Kierpersprooch awer méi ausgeprägt wéi beim Hond.

\* E Wollefrudel an der Natur ass eng Famill: d'Eltere mat deene Jonken. Déi meeschten Zäit si si ganz frëndlech

mateneen, richtig Streidereie si ganz seelen. An der Natur gëtt et keen sou däitleche Chef, wéi dat am Zoo de Fall ass.

Beim Hond ass de Mënsch d'Rudel a soll och de Chef sinn.


\* Beim Wollef gëtt déi «ech ënnerweife-mech-Stellung» just vun deene Klengen am Spill benotzt. Den Hond ënnerwerft sech sengem Mënsch.




ënnerwerft sech

\* Wéi de Wollef dréint den Hond sech och beim Schlofegoen emol am Krees. De Wollef dréckt sech domat d'Gras platt, beim Hond huet dat keen Zweck méi.


\* De Wollef an den Hond begrenzen hiert Revéier mat Piss oder Kack.




ass entspaant




ass opmierksam



ënnerwerft sech




wëll ugräifen



huet Angscht



wëll spillen



ass entspaant

Den Hond huet scho vill Dausend Joeren Zuucht hannert sech. Et gëtt geschat, datt d'Mënschen de Wollef viru 16.000 Joer ugefaang hunn als Hausdéier ze halen.



Wollef-Hond Baaschtert





# D'Verbreedung




Foto: Cephas

Polarwollef, Polarwolf, loup arctique, arctic wolf, *Canis lupus arctos*



Foto: Asb

Tundrawollef, Tundrawolf, loup de Sibérie, Tundra wolf, *Canis lupus albus*



Foto: Quarri

Timberwollef, Timberwolf, loup du Canada, timber wolf, *Canis lupus lycaon*



Wollefspuren an der Lausitz. Foto: Michelle Grosbusch

Jee nodeem wou de Wollef wunnt, gesäit hien anescht aus:



\* De **Polarwollef** ass mëttelgrouss, huet e wäisse laange Pelz a leeft a Kanada an an der Antarktis.



\* Den **Timberwollef** ass gro-schwarz a leeft a Kanada an an den ëstlechen USA. Och de Mackenzie-wollef an de Great Plains Wollef liewen a Kanada.




\* Den **Tundrawollef** ass relativ grouss an huet e laange fluffege wäiss-groe Pelz a leeft a Russland an a Sibirien.



\* De **Russesche Wollef** ass ganz grouss a leeft an Zentral Russland.



# vum Wolllef:



Eurasesche Wolllef, Grauwolf, loup gris commun, eurasian wolf, *Canis lupus lupus*



Italienesche Wolllef, italienischer Wolf, loup italien, italian wolf, *Canis lupus italicus*



Indesche Wolllef, Indischer Wolf, loup indien, indian wolf, *Canis lupus pallipes*



Arabesche Wolllef, Arabischer Wolf, loup d'Arabie, arabian wolf, *Canis lupus arabiensis*

\* Den **Eurasesche Wolllef** huet e grobronge kuerze Pelz a leeft an Europa, Skandinavien, Russland, China, der Mongolei an am Himalaya.



\* Den **Indesche Wolllef** ass vill méi kleng, sandfaarweg oder roudelzeg a leeft an Indien, Iran, Pakistan, an am Afganistan.



\* Den **Italienesche Wolllef** ass mëttelgrouss mat gemëschter Fierwung a leeft op der italienescher Halbinsel.



\* Den **Arabesche Wolllef** ass kleng, brong bis sandfaarweg a leeft a Saudi-Arabien, Jemen, an am Oman.





# D'Geschicht vun der SEEF

## Sumerer

Déi éischt Seefe si bei

de **Sumerer** (hunn am 3. Joerdausend viru Chr. a Mesopotamien\* gelieft) hirstallt ginn. Si hunn Äsche vu Planze mat Ueleg verméscht an domadder Wonnen ageriwwen.

Duerno si Seefen a Syrien, Jordanien, Ägypten a Griechenland hirstallt ginn.

## Réimer

Réischt

d'**Réimer** (8. Joerhonnert viru Chr. bis 7. Joerhonnert no Chr.) hunn d'Seef fir ze botze benotzt.

*\*Mesopotamien war do, wou haut Syrien an den Irak sinn.*

## Araber

D'**Araber** hunn am 7. Joerhonnert

Ueleg mat \*Lauge geméscht a Seef hirstallt, sou wéi se haut ass.

## Mëttelalter

Am **Mëttelalter** (6. bis 15. Joerhonnert) konnte sech nëmme räch Leit Seef kafen.

## Frankräich

Am 17. Joerhonnert ass a **Frankräich** énnert der Herrschaft vum Louis XIV vill Seef hirstallt ginn. Zu Marseille gouf dee bekannte «savon de Marseille» gemaach.

*\*Eng Lauge ass eng chemesch Léisung, déi d'Haut an d'Aen ugräift.*

Eréischt vum 19. Joerhonnert u gouf Seef fir iddferee produzéiert. Du gouf d'Seef och benotzt fir Stoff, Kleeder an Holz ze botzen.



## Belsch

1865 ass an der **Belsch** bezuelbar Seef produzéiert ginn, sou datt sech jiddferee konnt mat Seef wäschen.



Den Numm Seef kënnt vum aldäitsche Wuert „seifa“ = Seef oder «Haarz, dat drépst».



*D'Wäsch géift um Wäschbriet geschruppt.  
Foto: deutsche Fotothek*



# Am SEEFENATELIER

zu Betzder

Seef gëtt aus Ueleg vu Planzen, Kokosfett oder Déierefett gemaach. Dobäi ginn nach aner Substanze wéi z.B. Vitamin E, \*Glycerin an Alkohol gemëscht. Fir datt d'Seef gutt richt, kann een Essenzen vu Lavendel, Rousen, Orange oder Jasmin bäimëschen.

Mir ware kucken, wéi Seef gemaach gëtt.

Fir datt dës verschidde Substanze sech ganz **gutt matenee vermëschen**, mussen déi Pastillen e puer mol duerch dës Maschinn lafen; D'Maschinn besteet aus engem Triichter, deen horizontal dréint, do kënn d'Seef a Form vu Spaghetti eraus. D'Spaghetti ginn e puer mol duerch dësen Triichter.



Kokosfett

1

Als **Basissubstanz** gëtt **Kokosfett** vu Planzen aus nohalteg ugeluegte Plantagen aus Malaysia geholl: dat si wäisse Seefepastillen.

D'Seefepastille gi mat **planzlechen Doftstoffer a Faarfstoffer** an engem Triichter vermëscht. Et kann een och Bléien oder aner Plazendeeler bäimëschen.

2

Seef + Doft + Faarf



\*Glycerin ass en Zockeralkohol

3



Seef ass a Form vu Spaghetti



Dës Seefespaghetti ginn



e puer mol duerch d'Machine gekniet


Fir 4-eckeg Seefen



kënn eng laang 4-eckeg Strull eraus

Beim leschten Duerchlaaf komme laang Kuben (oder aner speziell Formen) eraus, déi dann portionsweis ofgeschnidde ginn.

...gëtt et eng extra Form



Fir Seefen a Form vum Lëtzebuurger Land...



Vill verschidde Formen



Well d'Seef an dësem Zoustand nach relativmëll ass, kann ee mat enger spezieller Schneidmaschinn kleng Stécker schneiden. Duerno ginn d'Stécker mat verschidde Stempelen gravéiert.





# Wat fir Zorte Seefe ginn et?

## Stécker Seef



Oder Kärseef. Si gouf fréier benotzt fir d'Wäsch ze man; d'Wäsch ass mam Stéck Seef ageriwwe an dann um Wäschbriet geschruppt ginn.

## Schwarz Seef



Fréier ass ee mat der Hand duerch déi déckflësseg Seef an dann an d'Waasser gefueh fir d'Seef ozgeléisen. Domat goufen dann d'Wäsch an d'Biedem gebotzt.

## Flësseg Seef



Dozou gehéieren: Shampoing, Schaumseef (fir ze bueden) Duschgel, flësseg Seef fir d'Hänn.

## Marseiller Seef



Si gëtt och nach haut a Südfrankräich aus Olivenueleg gemaach.

## Aleppo Seef



Si gëtt an der Stad Aleppo a Syrien aus Oliven- a Lorbeerueleg gemaach.

## Dokteschseef



Dës hautschounend an heiansdo antibakteriell Seef fënnt een a Kliniken an Altersheimer.

## Schmierseef



Ass eng flësseg Seef, déi mat Waasser gemëscht gëtt fir am Haushalt ze botzen.

## Wäschpulver a flësseg Wäschmëttel



Dat ass déi Seef, déi een an d'Wäschmaschin mécht, fir d'Wäsch propper ze kréien.

## Feinseef



Dat sinn déi Stécker Seef, déi beim Lavabo an der Toilette leien. Si sinn dacks schéi faarweg a parfümüiert.



# KNiWWEL

## Experimentieren

### WÄSCHBÄLL

Wäsch oder Seefebäll ware fréier mol déck an der Moud a goufe «Savonettes» genannt. Och haut kann ee ganz einfach Seefekugele maachen a selwer benotzen oder verschenken.

Wäschbäll:  
Mir brauchen:



- 1 grouss Schossel,
- eng Raaspel (graff Säit)
- Seefereschter
- Liewensmëttelfaarf oder Kurkuma (gielt Gewürz)
- Äthereschen Ueleg (z.B. Lavendel, Rousen...)
- Räis-oder Maismiel
- e bësse gliddegt Waasser oder Rousewaasser

Sou geet et:

100 g Seef an eng grouss Schossel raaspelen  
15 g Räis-oder Maismiel am

gliddege Waasser opléisen.

E bësse Liewensmëttelfaarf an e puer Drëpsen äthereschen Ueleg derbäimëschen. Alles gutt verknieden, zu Kugele formen an dréchnen loossen.

Et kann een awer och nach weider experimentéieren an z.B een Deel vum Miel duerch pulveriséiert Kraider ersetzen oder Huewerflacken derbäiginn.

D'Kugele kënnen lo mat engem Schaschlikspieß duerchgestach ginn an zesumme mat Pärelen a Muschelen op Bast ogefädelt ginn. Sou si se, bis se benotzt ginn, eng flott Deko am Buedzëmmer.



Fir Ouschtere kann een d'Seef och als Eeër formen.



Enn Februar-Ufank Mäerz ass am  
Himmel iwwer Lëtzebuerg eppes lass:  
Krukerte fléien a grouse V-en mat vill  
Gejäiz iwwer Lëtzebuerg.



# Kruuu, Kruuu



Krukerte fléie meeschtens vun enger Raschtplaz op eng aner (e puer Honnert Kilometer)  
Bei schlechtem Wieder kënnen si awer och mol 2.000 Kilometer nonstop fléien.  
Si fléien normalerweis mat enger Vitesse vu 65 km an der Stonn, kënnen awer  
mat Réckeward bis 130 km an der Stonn fléien.




## Ausgesinn

Déi knapp 5 Kilo schwéier Hoergänse si ganz liicht un hirem laangen Hals an den ausgestreckte Been am Fluch ze erkennen a si si richtig grouss: mat ausgestreckte Flilleken 210-240 cm. Krukerte sinn net mat de Gänse Famill.

210-240 cm



110-130 cm



## Menu

Um Menu vum Krukert stinn: Kären (Mais, Weess), Molbier, Gras, Gromperen, Eechelen, awer och Insekten, Wierm a jonk Fräschen.



Foto: BDX M&M&H



Foto: Marek Szczepanek

Krukert, Hoergäns, Kranich, grue cendrée, common crane, Grus grus

## Iwwerwanteren

Dës Vullen iwwerwantere besonnesch a Spuenien an a Südfrankräich. Mä an de leschte Joere bliwen ëmmer méi Krukerten och an onse Géigenden (am Dall vun der Meuse an um Lac du Der an der Champagne).

Krukerte schlofe ganz gär a fiichte Wisen oder am Bulli ronderëm Weieren, wou si vun hire Feinden a Rou gelooss ginn.



Foto: Jang Schock

Krukerten op de Baggerweieren



Krukerte gehéiere glécklecherweis zu de wéinege Vullenzorten, déi an de leschte Joere méi heefeg gi sinn. Am Fréijoer 2014 sinn ongeféier 300 000 Krukerten iwwer Frankräich an den Norde gezunn.





Foto: Klaus Rassinger

## Kalenner

Krukerte raschten am Hierscht an am Fréijoer ëmmer op de selweschte Plazen, meeschtens a Fiichtgebidder. Soubal et hell gëtt, fléien d'Krukerte weider.

Well si am Fréijoer aus Lothringen oder der Champagne kommen, gesi mir si hei zu Lëtzebuerg an der Mëttesstonn.

Am Hierscht (Oktober-November) brauche Krukerte laang Zäit fir aus Norddäitschland bis op Lëtzebuerg ze fléien a mir héiere si dofir meeschtens owes ganz spéit. Zu Lëtzebuerg raschte Krukerte just heiansdo.



Krukert um Nascht

## Elteren

Hoergänse bréien a Skandinavien an an Norddäitschland a Moueren. Hiert Nascht baue si um Bueden a leeën normalerweis 2 Eeër.

Krukerte si ganz sympathesch

Vullen: d'Eltere këmmere sech ganz laang ëm hier Kleng a fléien am Hierscht esouguer mat hinnen zesumme bis a Spuenien. Bei denen aneren Zuchvulle mussen déi Jonk meeschtens eleng eens ginn an hie Wee selwer fannen.



Foto: PikiWikisrael

Krukerte raschten





# KNIWWELE

Bastelen



## SOMBOMMEN

E japanesche Räisbauer hat nom 2. Weltkrieg d'Iddi fir d'Somkugelen. Heen huet domat Räs a Geescht op senge Felder ugeséint ouni d'Felder mussen ze plouen an heen huet domat och laanscht d'Weeër an a Wise Geméis ugeséit.

**Du brauchst:**  
5 Deeler leemähnelech Modelléiermass, déi un der Loft dréchent  
1 Deel Blummebuedem oder Kompost  
1 Deel Geseems e bësse Waasser



Mësch d'Modelléiermass mam Buedem.



Gëff e bësse Waasser derbäi. Et soll fiicht sinn, awer net drépsen.



Stree de Som drop a kniet alles gutt.



4 Form mat dësem Deeg Bullen. (Gréisst fëscht enger décker Noss an engem klengen Apel)




5 Looss deng Somkugelen dréchnen. Du kanns se dann op enger dréchener Plaz versuergen.




6 Maach dech op de Wee a gehei d'Somkugelen op Plaze wou Buedem ass a wou et soll faarweg a gring ginn.

Déi haart Bull schützt de Som viru Vullen an aneren Déieren.

Wann d'Wieder waarm ass an et op d'Somkugele reent, da keimt de Som, d'Kugel bascht an d'Planze wuessen eraus.





BIBER, CASTOR, BEAVER, CASTOR FIBER



# DE BIBER

SPUREN ZU LËTZEBUERG



Kanadesche Biber Foto: Steve

An de leschte Joere si Biberen aus Däitschland an aus der Belsch a Lëtzebuerg agewandert. A well et hinne bei ons gefällt, si si och bliwwen.

Well ech e puer Dämm gebaut hunn, ass dëse flotte Weier entstan.





Mir Bibere kréien ni Kappwéi, well mir d'Schuel vu Weedebeem iessen. Well an der Schuel ass dat selwecht dran, wéi am Aspirin.



Foto: Sylvain Hays



Gréisst: 80-130 cm  
 Gewicht: 27-30 kg  
 Iessen: Schuel vun de Beem, Blieder, Planzen  
 Buerg: D'Entrée ass ëmmer enner Waasser, dofir baut hien Dämm fir d'Waasser ze stauen



Gutt, datt ech e Kanal gebaut hunn, well elo schwëmmt dësen Aascht direkt bei meng Buerg.



Foto: Per Harald Olsen

Meng Buerg: do huet keen eppes verluer!





# KNiWWEL

## Kachen a Baken

### Hielänersirup

- 500 g Zocker
- 500 ml Waasser
- 2 onbehandelt Zitrounen
- 50 g Hielännerbléien

Ech  
hunn dëse  
Sirup elo am Fréijoer  
gemaach, mat gedréchenten  
Hielännerbléien. Mat deene frësche  
Bléien, déi s du am Mee-Juni plécks,  
gëtt dëse Sirup nach  
besser.



Den Zocker am Waasser  
schmelzen.



D'Zitrounen an Tranche  
schneiden a mam Zocker  
opkachen.



Wann den Zocker bis  
ganz geschmolt ass  
d'Hielännerbléien dobäi ginn.

Looss datt Ganzt elo 3 Deeg laang zougedeckt stoen.

Filter d'Hielännerbléien eraus a féll de Sirup a propper ausgekachte  
Fläschen. Kill versuert hält dëse Sirup 1 Joer.

Dëse Sirup schmaacht besonnesch guut an engem grouse Glas  
mat e puer Stécker Äis a Sprudelwaasser oder Äppeljus.





# KNIWWEL

## Bastelen

Ëch schnëtze mir  
eng Schleider



Sich am Gaart een zollifen Aascht mat enger schéiner Y-Gafel.

Mat engem Secateur schneits du dësen Aascht op déi gewünschte Längt of.

Pass guff op deng Fanger op, a looss der vun engem Erwuessenen hëllefen!




Mat engem Täschemesser schneits du zwou Kerben dran.



Dës  
Scheider hum  
ech aus dem frotte Buch  
Werken mit dem Taschenmesser  
aus dem AT Verlag;  
ISBN 978-3-038000-665-7



Aus engem Stéck Lieder  
schneits du een ovaalt Stéck  
eraus.




Mat  
engem  
Locher knips du zwee Lächer  
dran.



Du brauchst  
2 guff fest  
Lastiker.

Ronderëm déi zwou  
Kerben vun dem Aascht  
wéckels du all Säit e gudden  
décke Lastik.

Stécker Rindenmulch oder  
Pabeierkugele si ganz guff fir  
ze schéissen.



Schéiss mat denger Schleider  
net op Leit oder Déieren. Du  
kannst dir am Gaart awer  
ganz flott selwer eng Zilscheif  
bastelen.



## De Panewippchen

'natur musée' - 25, rue Münster -  
L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450  
[www.naturmusee.lu](http://www.naturmusee.lu)  
[www.panda-club.lu](http://www.panda-club.lu)

## Impressum

### Redaktiounscomité:

S. Backes, J. de la Gardelle, S. Goerens,  
C. Greisen, M. Grosbusch, M. Hagen,  
S. Hagen, C. Heidt, M. Hoffmann, M.  
Kirsch, M. Reichard, F. Theisen, L. Schley,  
M. Ursone, F. Wolff

### Texter:

S. Goerens, M. Grosbusch, S. Hagen,  
C. Heidt, M. Ursone,

### Grafik an Illustratioun:

S. Goerens, M. Grosbusch, S. Hagen

### Fotoen:

'natur musée', N. Erang, G. Kugener,  
O. Kunze, R. Lefèvre, J. Schock

## De Panewippchen gëtt ënnerstëtzt vun


Ministère de la Culture -  
Musée national d'histoire naturelle -  
Ministère de l'Education nationale, de  
l'Enfance et de la Jeunesse -  
Service national de la Jeunesse -  
Ministère du Développement durable et  
des Infrastructures -  
Administration de la Nature et des Forêts  
Administration de l'Environnement -  
Administration de la gestion de l'eau -  
Ministère de la Santé

## Abonnementer & Info

[panda-club@mnhn.lu](mailto:panda-club@mnhn.lu)  
Tel.: 462233 450

Als Member vum Panda Club kriss du  
d'Zeitung „de Panewippchen“  
4 mol am Joer geschéckt.  
Fir Erwuessener, déi „De Panewippchen“  
fir e Grupp vu Kanner wëllen abonnieren,  
si 6 Exemplare vun all Nummer  
gratis, vum 7. Exemplar u free mir en  
Onkäschtebäitrag vun 1 Euro pro Ausgab  
a pro Exemplar.

# Den 'natur musée' zu Lëtzebuerg



Profitéiert nach vun den nächste  
Méint a kommt nach eng Kéier  
d'Dauerausstellung vum 'naturmusée'  
kucken.

Vum 17. August 2015 un ginn  
d'Ausstellung vum R-Ch. an 1. Stack  
komplett fir lech erneiert. D'ganz  
Equipe vum 'natur musée' schafft hei  
mat a freet sech, lech am  
Dezember 2016 an engem ganz neien  
'natur musée' begréissen ze kënnen.

Den 'natur musée' ass natierlech  
net ganz zou! Den 8. Oktober 2015  
geet déi nei grouss Ausstellung  
iwuer Lëtzebuenger Fuerscher an  
Explorateuren a Latäinamerika op.

